

Deen éischte Paragraph vun dëser Charte weist definitiv, datt mer mat den Afrikaner eng gemeinsam Basis hu fir Demokratie a Gouvernance weiderzeentwéckelen. Do steet nämlech Folgendes geschriwwen:

«Toute vie humaine est une vie. Il est vrai qu'une vie apparaît à l'existence avant une autre vie, mais une vie n'est pas plus ancienne, plus respectable qu'une autre vie, de même qu'une vie n'est pas supérieure à une autre vie.»

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Bild, wat ech haut hei opgezeechent hunn, ass e komplex. Et ass e Bild, dat ass wéi d'Saache sinn, ebe komplex. Et ass e Bild, dat iwwert de Kader vun der klassischer Kooperatioun erausgeet. Et war mer awer wichteg dat Bild haut hei ze zeichnen, well et weist, datt dat eent mat deem aneren eppes ze dinn huet an déi eng Saache vun deenen aneren ofhänken.

Mir brauchen haut méi wéi jee déi klassesch Kooperatioun, mä si eleng geet net duer wa mer wëllen op Dauer eppes erreechen. Mäi Bild weist, denken ech, wou d'Enjeue vun deenen nächsten zéng, 20 an 30 Joer sinn, wa mer vun de Relatiounen tëschent dem Norden an dem Süde schwätzen. Dat Bild ka selbstverständlech net komplett sinn, a Froe wéi déi vun de Migratiounen, der Ëmwelt, der Roll vun der Fra oder nach déi vun de politesche Krisen an den humanitäre Réckschléi gehéiere sécher och dozou.

Dat Bild, wat ech haut hei gezeechent hunn, ass awer virun allem e Bild vu Chancen an Opportunitéiten. Chancen an Opportunitéite fir méi eng gerecht Welt. Chancen an Opportunitéite fir eng nohalteg Entwécklung, iwwert d'Grenze vun Europa eraus. Chancen an Opportunitéite fir honnerte vu Milliounen vu Mënsche sech aus de Fessele vun der endemescher Aarmut ze befreien. Chancen an Opportunitéite fir eng Entwécklung, déi op eng friddlech Manéier Süden an Norde méi no bréngt. Bref, Chancen an Opportunitéiten, fir datt d'Welt vu muer anescht ausgesäit wéi déi vun haut.

Pake mer déi Froe vun der Gouvernance an déi vum internationale Commerce an deenen nächsten zéng, 20 an 30 Joer richtig un; maache mer dat zesumme mat engem konsequente Kooperatiounseffort am klassesche Sënn vum Wuert, jo, da kënnen mer et fäerdeg bréngen. Maache mer dat net, esou fäerten ech, datt dës Generatioun als déi Generatioun an d'Geschicht riskéiert anzegoen, déi d'Chance hat et ze maachen, mä déi dës Chance verpasst huet.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Ech ginn Iech Akt vun Ärer Deklaratioun. Muer de Mëtteg um hallwer dräi wäert d'Chamber mat der Debatt iwwert d'Deklaratioun ufänken.

Ech wollt dann d'Chamber consultéieren iwwert déi Resolutioun, déi den Här Gibéryen agereecht huet. Den Här Fayot freet d'Wuert.

10. Résolution de M. Gast Gibéryen au sujet de la situation politique en Russie

» **M. Ben Fayot (LSAP)**.- Här President, ech géif dem Här Gibéryen proposéiere se an d'aussepolitesch Kommissioun ze verweisen, wou mer schonn iwwregens iwwert dat Thema diskutéiert hunn. Ech wëll och rappeléieren, dass mer d'lescht Woch rus-sesch Sénateuren hei an der Chamber haten, mat deene mer och iwwert déi Virfäll geschwat hunn. Ech mengen, och wéinst deene méi allgemeng politeschen Aussoen, déi an der Motioun dra sinn, wär et gutt wa mer dat géife virdrun an der Kommissioun diskutéieren.

» **M. le Président**.- Här Gibéryen, sidd Dir domadder d'accord?

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Ech sinn domat averstanen.

» **M. le Président**.- Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 5594A a 5594B iwwert d'Coproductio-n audiovisuelle. Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Deemno huet den Här Rapporteur 15 Minutten. Här Deputéierte Santer, Dir hutt d'Wuert.

11. 5594A - Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Autriche, signé à Vienne, le 23 janvier 2006

5594B - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 13 décembre 1988 instituant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel

Rapport commun de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

» **M. Patrick Santer (CSV)**, *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi initial Versioun vum Projet 5594, deen de 5. Juni 2006 déposéiert gouf, hat zwee Deeler: éisch-tens en audiovisuelle Kooperatiounsaccord mat Éisträich, an zweetens Ännerungen um Steuerregime wéi déi audiovisuell Investi-tionscertificater.

De Statsrot war awer der Meinung - an dat zu Recht -, datt de Projet de loi zwee funda-mental verschidden Objektivier hätt. Dofir huet hie virgeschloen, aus engem Projet de loi der zwee ze maachen. Deem Virschlag ass d'Chamberskommissioun nokomm. Dofir, de Projet de loi 5594A handelt iwwert de Kooperatiounsaccord mat Éisträich, a beim Projet de loi 5594B geet et ëm déi audiovisuell Investitiionscertificater.

Här President, duerch den audiovisuelle Kooperatiounsaccord mat Éisträich gesti béid Vertragsparteie géigesäiteg engem Film hir Nationalitéit zou, esou datt an dësem Fall déi concernéiert Filmer zu enger lëtzebuergesch-éisträichescher oder éis-träichesch-lëtzebuergescher Koproduk-tioun géife ginn. Esou kréien d'Filmprodu-zenten d'Méiglechkeet, op d'Filmförderung vun deenen zwee Länner zrëckzegräifen. Dofir muss ënner anerem de Filmproduzent säi Sëtz zu Lëtzebuerg oder Éisträich hunn an tëschent 20 an 80% vum Filmbudget sel-ber erbäibréngen. Heizou hat de Statsrot keng weider Commentairen.

Här President, de Steuerregime fir e Certifi-cat d'investissement audiovisuel kann een eenditeg als Succès bewäerten. Den ablackleche Regime, deen duerch e Gesetz vum 21. Dezember 1988 agefouert gouf, wier am Joer 2008 ofgelaf. De Projet de loi verlängert d'Gültgkeet vun dësem Steuer-regime bis 2015, an dat huet och seng gutt Grënn. Säit 1988 goufen iwwer 200 Milliounen Euro an déi lëtzebuergesch Filmindus-trie gestach. Ongeféier 400 Filmer koumen an de Genoss vun dëse Finanzméttelen an iwwer 300 Techniker oder soss Professionel-ler schaffen an dësem Secteur.

Dëse Projet de loi verlängert awer net nëm-men de Regime vun den audiovisuelle Steiercertificater bis 2015, mä en ännert och de Regime op e puer wichtege Punkten. Bis elo konnten nëmme Kapitalgesellschaften, also Sociétés anonymes oder Sociétés à responsabilité limitée, vum Regime profi-téieren. Elo kommen och Genosseschaften - also d'Sociétés coopératives - derbäi. Den ablacklechen Artikel 4 vum Gesetz gesäit vir, datt d'Wierker missten haaptsäch-lech um Territoire vun eise-m Land realiséiert ginn.

(Interruption)

Déi Europäesch Kommissioun huet schonn 2004 Bedenke geäussert, datt d'Limitatioun u Produktiounsstätten an engem Member-stat géint de Bannemaart géif verstoussen. Dofir gétt d'Gesetz vun 1988 ofgeännert, andeems et elo heescht, datt d'Filmer an der Europäescher Unioun, a besonnesch op eise-m Territoire misste realiséiert ginn.

De Statsrot huet dozou gemengt, datt ee sollt ofwaarde bis déi Europäesch Kommis-sioun hir Virschléi fir d'Applikatioun vun de Staatsbäihëllefen am audiovisuelle Beräich an allen EU-Memberstaten néiergeschiw-wen hätt. D'Chamberskommissioun ass net där Meinung, well dësen neie Libellé der Lëtzebuerg Filmindustrie nei Chancen op-mécht. Bis elo gouf déi steierlech Förderung berechent, andeem déi effektiv Produk-

tiounskäschten, déi an eise-m Land ugefall sinn, berücksichtegt goufen. Dat soll mat dësem Projet de loi ofgeännert ginn. Elo ginn d'Produktiounskäschten, déi an eise-m Land an an engem anere Memberstat vun der Europäescher Unioun, an d'Berechnung mat abezunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Filmindustrie dréit zwar zur wirtschaftle-cher Entwécklung an der Beschafung vun Aarbechtsplazen an eise-m Land bäi an ass eng interessant an net onwichtig Kompo-nent vun eiser Mediepolitik, mä d'Filmindus-trie ass awer - a besonnesch am Kader vum Kulturjoer - e Kulturgutt, dat zur Entwéck-lung vun eise-m Land souwéi zur Identitéit vun eiser Gesellschaft vill Importenz bäi-dréit.

Ech wëll hei d'Geleeënheet notzen, fir un déi rezent Succès vum der Lëtzebuerg Filmindustrie am Ausland ze erënneren. Esou krut de Kuerzfilm „Starfly“ vun der Lët-zebuerg Realisatrice Beryl Koltz de Mé-liès d'or vum beschten europäesche Kuerz-film um internationale Filmfestival an der fin-nescher Stad Espoo. Dëse Film vu Samsa Film huet bannen engem Joer zwielf Aus-zeechnungen um internationale Parquet krut. Um Festival du film d'animation vun Annecy a Frankräich krut de Film «Renaiss-ance» vum Christian Volckman de Grand-Prix du long métrage, an den «Zombie Ho-tel» vun der Produktiounsfirma LuxAnima-tion de Prix spécial pour une série télévisée.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës international Succès maachen op hir Aart a Weis Reklamm fir eist Land, awer och déi geschafene Aarbechtsplaze si wichteg fir Lëtzebuerg. Dës Projet-de-loien droen zur Konsolidatioun vun der Lëtzebuerg audio-visueller Politik bäi. Dofir géif ech mech freeën, wann déi zwee Projeten eng breet Zoustëmmung heibanne kéinte fannen. An ech ginn heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Här Santer. Wie wëllt d'Wuert nach zu dësem Projet er-gräifen? Den Här Goerens.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens (DP)**.- Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, wéi de Rapporteur et zu Recht gesot huet, geet et hei ëm zwee Projeten. Deen een ass den Accord mat Éisträich. Doriwwer ass ze soen, datt déi bilateral Accords de produc-tion wahrscheinlech hir Raison d'être hunn, mä et ass awer trotzdem erstaunlech, datt an engem europäesche Maart nach ëmmer mat bilateralen Accorde geschafft gétt. Ech wollt déi Anormalitéit just hei ervirsträichen.

De But vun dësem Projet - vun deem Ac-cord de coproduction - ass, fir d'Relatioun-en tëschent de Produzenten an de Cinéas-ten an deene respektive Länner ze förderen. Dat gétt natierlech den Acteuren hei am Land d'Méiglechkeet, fir nei Partenairen ze fannen, an dat ka jo och dann nëmmen am Intérêt si vun der Saach. Dofir gi mer och am Prinzip dësem Projet eisen Accord.

Ech wollt och eppes soen zu deem zweete Projet, dem 5594B iwwert de Régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'in-vestissement audiovisuel. Do gétt eng due-bel Finalitéit viséiert bei deem Projet: éisch-tens d'Konformitéit mat den Dispositions communautaires, an zweetens d'Extensioun vun deem Projet, deen ausgelaf wier - wéi och éineschters erwähnt ginn ass - 2008 op 2015.

Mir sinn der Meinung als Demokratesch Partei, datt den europäesche Maart net där-für zou si fir déi dote Produktiounen. Op där anerer Säit - ech hat elo bal gesot Ex-ceptions culturelles - wësse mer awer, datt d'Diversité culturelle eis a coeur läit, a mir sinn der Meinung, datt mer och vu Lëtze-buerg aus e puer Spezifisitéiten do mat kënnen abréngen.

Wat erstaunlech ass, dat ass, datt dee Pro-jet, déi Förderungsmoossnamen, déi 1988 lancéiert goufen, awer mat der Zäit un At-trait verluer hunn. Dat ass doduerch ze erklären, well eng Partie aner Länner, no-tamment Nopeschlänner, och hir Producteu-ren ënnerstëtzen, Koproduktiounen ën-nerstëtzen, an et gesäit haut net méi grad-esou roseg aus, wéi de Minister Biltgen dat nach den 3. Juli 2003 hei an der Chamber konnt soen iwwert d'Accords relatifs à la co-production avec la France et l'Allemagne.

Ech zitéieren hei de Minister aus senger Ried vun 2003 mat folgendem Wortlaut: „Wéi wäit si mer mam Secteur écono-mique?“ - freet den Här Biltgen - „Wa mer kucken, wat mer hunn, hu mer eng ronn 40 Produktiounsgesellschaften, emol méi grousser, emol méi klenger, déi eng ronn 100 permanent Ugestallter hunn, 50 Socié-tés de services spécialisés, dräi Sociétés de distribution a véier Animatiounsgesell-schaften, déi insgesamt eng 80 Leit be-schäftegen.“

Wa mer da kucken, wat mer elo wierklech vun einheimeschen, ech schwätzen net nëmme vu Lëtzebuerg, Filmschaffende mëttlerweil hunn, dann ass dat och beacht-lech. Et sinn eng 37 Réalisateuren, dovun-ner 29 Lëtzebuerg, eng 40 Acteuren, déi een ëmmer erëm erëmfënnt. Mir hunn eng 450 Techniker, dovunner der 380, déi zu Lëtzebuerg wunnen, an 250, déi Lëtzebu-er sinn, déi zu Lëtzebuerg schaffen.“

A weider fiert den Här Biltgen mam Saz: „Eleng déi Zuel ass en Zeechen, dass et gutt war, fir an deen dote Secteur ze inves-téieren, well mer och hei enger Partie Ein-heimeschen d'Méiglechkeet ginn, an deem Secteur ze schaffen. Déi schaffen natierlech net nëmmen zu Lëtzebuerg. Déi schaffen och an der Groussregioun. Doduerch, dass zu Lëtzebuerg Filmer produzéiert ginn, hunn déi Techniker eng Méiglechkeet eran-zekommen, léiere Leit kennen, an déi em-bauchéiere se fir aner Produktiounen. Dat ass schonn e gewëssene Succès, an op dee Succès solle mer stolz sinn.“

A wéi gesäit et haut aus? Mir brauchen nëmme just den Exposé des motifs ze lie-sen. Do steet dran: «Une trentaine de socié-tés de production sont actuellement actives sur le terrain au niveau de la création d'oeuvres de fiction, d'animation et de do-cumentaires. Plus de 300 techniciens et professionnels vivent des métiers de l'au-diovisuel et il existe au Luxembourg cinq studios de prise de vues et d'animation.»

Dat hei si jo awer trotzdem inquiétant Chif-feren, wann ee bedenkt, datt mer awer vill Fongen investéiert hunn. Et gesäit een och eng Evolutioun, e Réckgang an den Ën-nerstëtzungsmoossnamen. 2001 war de Montant vun den Dépensen, déi an deem do Kader effectuéiert goufen, ronn 50 Mil-liounen Euro. Dann ass en 2006 op 24 erof-gaangen. Dat beweist am Fong, datt den Attrait vu Lëtzebuerg net méi deen ass, deen en emol war. Et erkläert sech och vläicht duerch zwou Faillité vu Produktiouns-gesellschaften.

An d'Fro ass natierlech déi, déi ech dem Mi-nister och wollt stellen, nämlech wéi e ge-denkt, déi do Tendenz ze inverséieren?

Compte tenu vun deene puer Remarqué wollt ech den Accord gi vun eiser Fraktioun, well mer aus deene Grënn, déi ech a men-gen aleedende Bemierkunge gesot hunn, mengen, et soll een déi Produktioun do ën-nerstëtzen.

Mir soen dat och aus der Oppositioun eraus. Mir haten och deemools 1988 mat deemselwechte Statut eisen Accord ginn zu deene Produktiounsförderungsmoossna-men, déi säithier a Kraaft sinn, an déi wéi gesot awer eng inquiétant Evolutioun geholl hunn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Goe-rens. Den Här Schreiner huet d'Wuert.

» **M. Roland Schreiner (LSAP)**.- Jo, just ganz kuerz, och fir ze soen am Numm vun der LSAP, dass mer éischstens emol dem honorabelen Här Patrick Santer Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Be-richt, an dass mer der Meinung sinn, dass dat hei zwee wichteg Projet-de-loië sinn: wichteg fir eist Land, fir eis Filmindustrie, fir eis Kultur, fir eis Economie. Si reie sech al-len zwee an an d'Bestriewunge vun dëser Regierung an och deene jeeweilege viregte Regierungen, fir de Secteur vun der audio-visueller Produktioun weider ze dévelop-péieren a fir de Produzente besser Bedin-gungen ze verschafen.

Et ass jo esou, dass Lëtzebuerg eigentlech keng laang Traditioun, wat Filmproduktioun-en ueegt, huet. Och wann déi éischt lëtze-buergesch Filmer scho virum Éischte Welt-krich gedréint goufen, ass et awer esou, dass eréischt eigentlech an den 80er Joren esou richtig d'Filmproduktioun hei zu Lët-zebuerg an d'Rulle komm ass. Zënterhier ginn am Duerchschnëtt Joer fir Joer iwwer eng Dose lëtzebuergesch Filmer produ-zéiert. Dës Filmer sinn awer bal alleguerten en coproduction mat auslännesche Firmae gedréint ginn.

Eis national Gegebenheeten, wéi zum Bei-spill d'Taille vum Marché oder eis éischter kuerz Filmtraditioun, féieren dozou, dass eis lëtzebuergesch Produktiounsfirme meesch-tens op auslännesch Firmaen eben zrëck-gräife mussen, fir iwwerhaupt ee Film zusta-nen ze kréien. An dëser Hisiicht sinn ebe just Koproduktiounsaccorde mat anere Län-ner am Filmsecteur immens wichteg a be-grëssenswäert.

An deene leschte Joren hu mer jo esou Ac-corden ausgehandelt mat ënner anerem Kanada, mat Frankräich, mat Däitschland. Elo da mat Éisträich; Irland ass nach an der Maach. Dës Koproduktiounsaccorden er-

Sommaire des séances publiques

Rectificatif: Motion de M. Henri Kox concernant le projet de loi 4985 relatif aux chiens (vote)	page 319
Communications	pages 319-320
5702 - Proposition de loi visant à modifier la Constitution - Auteur: M. Aly Jaerling	
5703 - Proposition de loi sur l'obligation des poids lourds en transit d'emprunter les autoroutes - Auteur: M. Carlo Wagner	page 320
Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés	page 320
Ordre du jour	page 320
Dépôt d'une résolution par M. Gast Gibéryen	page 320
Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Gilles Roth	pages 320-321
Composition des commissions parlementaires et des délégations auprès des assemblées parlementaires internationales	page 321
Heure de questions au Gouvernement	
- Question N°171 du 24 avril 2007 de M. Marc Spautz relative aux règlements grand-ducaux portant exécution de la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement, adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi	pages 321-322
- Question N°172 du 20 avril 2007 de M. Alexandre Krieps relative à l'introduction d'un système de comptes épargne-temps, adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi	page 322
- Question N°173 du 20 avril 2007 de M. Marc Angel relative au futur Musée de la Forteresse, adressée à M. le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et à Mme la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche	page 322
- Question N°174 du 20 avril 2007 de M. Jacques-Yves Henckes relative au droit de garde des enfants dans le cadre d'un divorce, adressée à M. le Ministre de la Justice	page 322
- Question N°175 du 24 avril 2007 de M. Laurent Mosar relative aux conclusions du Conseil «justice et affaires intérieures» de l'Union européenne du 19 avril 2007 et plus particulièrement en matière de divorce, adressée à M. le Ministre de la Justice	pages 322-323
- Question N°176 du 23 avril 2007 de M. Henri Grethen relative à la conclusion d'une convention de succession entre la France et le Luxembourg, adressée à M. le Ministre du Trésor et du Budget	page 323
- Question N°177 du 23 avril 2007 de M. Romain Schneider relative à la fermeture de la ligne 895 Wiltz - Derenbach - Lentzweiler, adressée à M. le Ministre des Transports	page 323
- Question N°178 du 24 avril 2007 de M. Xavier Bettel relative aux demandes des communes d'un renforcement d'effectif des policiers avant le recours à des sociétés de gardiennage, adressée à M. le Ministre de la Justice	pages 323-324
- Question N°179 du 24 avril 2007 de Mme Martine Stein-Mergen relative au règlement (CE) N°261/2004 du Parlement européen et du Conseil du 11 février 2004 établissant des règles communes en matière d'indemnisation et d'assistance des passagers en cas de refus d'embarquement et d'annulation ou de retard important d'un vol et notamment concernant les différences d'interprétation au niveau des pays membres, adressée à M. le Ministre des Transports	page 324
- Question N°180 du 24 avril 2007 de M. Charles Goerens relative à l'adoption par le Groupe intergouvernemental d'experts sur l'évolution du climat (GIEC) du texte du «Résumé pour les décideurs» de la deuxième partie de son rapport 2007, adressée à M. le Ministre de l'Environnement	page 324
- Question N°181 du 24 avril 2007 de M. Charles Goerens relative au risque de délocalisation hors de l'Union européenne d'activités hautement polluantes afin de diminuer de 20% la production de gaz à effet de serre, adressée à M. le Ministre de l'Environnement	pages 324-325
Déclaration sur la politique de coopération et d'action humanitaire, présentée par M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire	pages 325-328
Résolution de M. Gast Gibéryen au sujet de la situation politique en Russie	page 328
11. 5594A - Projet de loi portant approbation de l'accord de coproduction audiovisuelle entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Autriche, signé à Vienne, le 23 janvier 2006 et	
5594B - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 13 décembre 1988 instituant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel	pages 328-329

méiglechen eben eise Lëtzebuenger Firmaen, Synergie mat auslännesche Produktionsfirmaen ze entwéckelen, andeems déi spezifesch Avantagen, déi eenzel Länner ubidde kënnen, da cumuléiert ginn.

Mir ginn dovun aus, dass och dësen Accord mat Éisträich dozou wäert bäidroen, fir de Produktionsvolum vu Filmer ze steigern, mä och en Échange am Beräich vläicht vun der Promotioun kënnen ze maachen, am Beräich vun der Promotioun, mä och am

Beräich vun der Distributioun an an der Formationioun.

Ech mengen, zum zweete Projet de loi ass alles gesot, wat d'Certificats d'investissement audiovisuel ugeet. Mir begrëissen natierlech d'Verlängerung bis 2015. Mir begrëissen och, dass d'Produktionsfirmaen, déi d'Form vun enger Société coopérative hunn, elo och do vun deem Steuerabattement kënne profitéieren, a mir begrëissen och, dass d'Clause de territorialisation, also

de Fait, datt staatlech Produktiounshëlfelefen nëmmen u Filmer fléissen, déi zu Lëtzebuerg realiséiert goufen, elo ofgeschaf gëtt, wat den europäesche Bannemaart och am Filmberäich wäert ukuerbelen.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der LSAP zu deenen zwee Projets de loi hei matginn. Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Jo, déi gréng Fraktioun gëtt och hir Zoustëmmung. Si seet dem Rapporteur Merci fir seng Aarbecht.

Just an engem kleng Saz wëlle mer awer och hiweisen op grad deem dach Succès, deem dëse Modell huet. Och wann en e bëssen e puer Säiten huet mat e bësse Schiet am Moment - dat soll een net leegnen, d'Beem wuessen net an den Himmel, dat ass also näischt, wat vum selwe leeft -, ass et awer trotzdeem keen Auslafmodell. Wat mer hei maachen, dat ass derwäert, dass ee sech weider drëm bemëit an dee Modell probéiert auszebauen.

Grad och deem dach Succès vun dësem Modell beweegt eis Gréng och haut nees eng Kéier dozou ze widderhuelen, dass mer der Meenung sinn, dass et derwäert wär ze probéieren och en télévisuelle Standuert hei zu Lëtzebuerg opzebauen am Kontext - net eleng, awer och - vun enger Extensioun vun der Grille des programmes vun RTL.

Mir hunn déi Iddi hei scho virgedroen. Mir maachen dat haut net nach eng Kéier, mä mir wëlle weisen an och haut nach eng Kéier drun erënneren, dass dat, wat fir d'Filmproduktioun funktionéiert huet, ouni Weideres och kéint funktionéiere fir een télévisuelle Secteur hei zu Lëtzebuerg opzebauen, a mir wäerten déi Iddi an den nächste Wochen, Méint an och Joren als gréng Fraktioun hei weider verdeedegen, well mir mengen, dass et eng richteg Iddi ass.

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Den Här Minister Schiltz huet d'Wuert.

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre des Communications.- Här President, ech wollt dem Rapporteur an de Virriedner Merci soen. Si hunn e relativ komplett Bild vun der Situatioun gezeechent, esou datt ech mech kann extrem kuerzfaassen. E Bild, fir et mam Här Braz senge Wieder ze soen, wat positiv Aspekter huet. Den Här Santer huet zu Recht op all déi Succèsen higewisen, mä et huet och e puer méi Schietsäiten, well mer effektiv am Secteur an deene leschte Joren déi eng oder aner Faillite haten.

Nichtsdestotrotz leeft de Secteur. Mir hunn de Moment 300 Techniker a Professioneller, déi aktiv sinn; eng ronn 10, 15 Produktionsgesellschaften, déi och aktiv sinn. Wouer ass, datt mer trotz deene Studioen, déi mer hunn, kleng Studioen, Animationsstudioen, e Problem hu mat engem grouss Studio - och de Moment. Dat alles verhënnert awer net, datt de Secteur sech trotz allem gutt développéiert. En développéiert sech an engem internationale Kader. Duerfir och deem Accord de coproduction mat Éisträich. Meng Virriedner hunn drop higewisen, wat fir eng aner Länner en Accord de coproduction mat eis ënnerschrifwen hunn. Ech wëll derbäifügen, datt mer a Verhandlung mat der Schwäiz an Irland sinn.

Mir hunn, wéi eng ganz Rei vun de Virriedner et gesot hunn, fir d'éischt no Europa hin opgemaach, andeem mer déi Territorialisatioun net ofgeschaaft hunn, mä andeem mer se atténuéiert hunn, dat heescht d'Filmer si Filmer, déi europäesch Filmer sinn, mä awer insbesondere och lëtzebuergesch Filmer sinn. Dat heescht, de lëtzebuergesch Aspekt verschwënnt net. Duerfir verschwënnt och net de Retour économique hei, an duerfir ass et richteg ze soen, datt et e Secteur ass, deem op der Schnëttstell vun der Ekonomie a vun der Kultur ass.

Elo mag dee Retour économique e bëssen anescht gewiicht sinn an Zukunft, an d'Zuele wäerten och vläicht net déi nämlech sinn, mä de Prinzip bleift awer bestoen. Mir hunn no Europa opgemaach, mä mir hunn awer och, an dat war eigentlech dat zweet Objektiv vun deene Gesetzter hei, wëllen dem Secteur erëm Loft ginn, well déi zwee, dräi Réckschléi, déi mer hate mat Failliten an och mat Gesellschaften, déi no laanscht d'Faillite geschliddert si respektiv Schwierigkeeten haten, maachen eis Suergen.

Ech verspieche mer dovunner, datt mer mat deem Gesetz hei erëm kënne besser produzéieren, mer erëm kënne méi produzéieren a mer och kënnen duerfir erëm méi hei zu Lëtzebuerg produzéieren. An deem Sënn maache mer eis no Europa op. Mir ginn dem Secteur Loft, an ech menge sans doute ass dat eng gutt Saach.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5594A.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5594A et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5594A ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi 5594B.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5594B et dispense du second vote constitutionnel

Och dëse Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel fir déi zwee Projeten?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.29 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg